N° 7189
Entrée le 14.12.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

**Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n°7189 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement zum Sujet "Centrale téléphonique 112"**

Säit dem 1. Januar 2022 hunn, sou wéi ech dat och schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°6982 vum nämmlechten honorabelen Deputéierte geschriwwen hat, 2 Agenten de Service vum 112 verlooss. Wann den Deputéierte schreift, datt et sengen Informatiounen no "mindestens 5 Persounen, déi de Service 2022 verlooss hätten", wieren, da muss ech den Deputéierten driwwer informéieren, datt seng Informatiounen net richteg sinn. Et ass also den Deputéierten, net d'Inneministesch, dee falsch informéiert ass.

Lëtzebuerg, de 14/12/2022.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding